## Wat brauch e Welpen bei der Adoptioun?

**De Welpe kënnt aus Lëtzebuerg :**

*Obligatoresch:*



- Kafvertrag

*Vu Virdeel:*

- EU-Impfpass
- Mikrochip

**De Welpe kënnt aus engem aneren EU-Land :**

*Obligatoresch:*



- Kafvertrag
- EU-Impfpass
- Mikrochip
- Eng gülteg Tollwutimpfung
  *(ka fréistens mat 12 Woche gemaach ginn an ass 3 Wochen nodeems se gemaach gouf gülteg)*

oder

den EU-Formulaire L178/113
*(oppassen mam Transit, net all Land akzeptéiert de Formulaire)*

WANN DÉI VIRAUSSETZUNGEN NET ERFËLLT GINN, MUSS ENG MISE EN CONFORMITE GEMAACH GINN!

## Wat muss ech doheem mat mengem Welpe maachen?

**Entwuermung :**

- Bis 6 Méint: 1x/ Mount
- Ab 6 Méint: all 2-4x/ Joer

*Idealerweis am Wiessel mat engem Produit, dee Fenbendazol enthält an engem deen eng Zesummesetzung aus Milbemycin a Praziquantel enthält.*
*Alternativ kann de Kaka och am Labo op Parasiten ënnersicht ginn.*

**Fleeg :**



*Zänn wäschen:* beugt Zännsteen vir a miniméiert d'Detartragen an domadder Vollnarkosen.

*Kämmen:* virun Allem laanghäreg Déiere musse reegelméisseg gekämmt ginn

*medezinneschen Training:* an d'Oueren an an de Mond fueren, d'Aen kucken an den Hond iwwerall um Kierper upaken → erliichtert d'Ënnersichung beim Vétérinaire an erméiglecht domadder eng besser Diagnostik

**Ernärung:**

- bis +/- 1 Joer: Welpen-/Juniorfudder
- ab 1 Joer: Adultfudder

## Wéieng Impfunge soll e Welpe kréien?

**Impfscheema :**



- 8 Wochen: DHP, L4
- 12 Wochen: DHP, L4, Tollwut
- 16 Wochen: DHP, L4
- au besoin: Zwingerhouscht
- 1 Joer: DHP, L4, Tollwut, (Zwingerhouscht)
- Dann 1x/Joer: L4, (Zwingerhouscht)
- dann all 3 Joer: DHP an Tollwut

Dës Krankheete verlafen oft **déidlech** (Ausnam „Zwingerhouscht") a kënnen ënnerschiddlech bleiwend gesondheetlech Schied hannerloossen.

**D = Staupe (distemper):**
*Symptomatik variabel:* Aen- an Nuesenausfloss, Féiwer, Apathie, Mo-Daarm-, Longeprobleemer, Probleemer mam Zentralnervesysteem, …

**H = Hepatitis canis contagiosa:**
*Symptomatik variabel:* Iwwerginn, Aen- an Nuesenausfloss, Féiwer, Apathie, Bauchwéi bis hin zu akutem Stierwen

**P = Parvovirose:**
*Symptomatik:* Féiwer, Apathie, Iwwerginn, bluddegen Duerchfall bis hin zu akutem Stierwen

**L = Leptospirose (vum Déier op de Mënsch iwwerdrobar):**
*Symptomatik variabel:* Inappetenz, Apathie, Iwwerginn, Duerchfall, Féiwer, bis zu liewensbedrolechen bluddegen Longenentzündungen

**R = Tollwut (Rabies), Impfung gesetzlech virgeschriwwen:**
*Symptomatik:* 1. Phase: Verhalensännerungen, 2. Phase: Aggressvitéit an Erreegungszoustänn, 3. Phase: Lähmungen an Dout

**„Zwingerhouscht":**
*Symptomatik:* ufallsweis drëchenen, billenden Houscht, Leeschtungsintoleranz

## Kastratioun jo oder nee?

**Virdeeler :**

- Keng onerwënschten Trächtegkeet
- Kee Kriibs vun Hoden oder Eeërstäck
- ♂ manner Risiko fir Prostataprobleemer am Alter
- ♀ manner Risiko fir Mammatumeuren oder Gebärmutterprobleemer
- Keng Probleemer méi, mat Verhalen, dat duerch Sexualhormoner ausgeléist gëtt
    - ♂ Liebeskummer bei leefege Mudderen
    - ♀ keng Scheinträchtegkeeten

**Nodeeler :**

- Stoffwiesselëmstellung
    - Risiko fir Iwwergewiicht méi héich an doduerch fir z.B. Diabetes a Gelenks-probleemer
- ♀ Inkontinenz
- Risiko fir gewëssen aner Tumeurzorte méi héich

**Zäitpunkt :**

Ongeféier ab 1 Joer, bei grousse Rasse gäre méi spéit
♀ idealen Zäitpunkt: 3 Méint no der leschter Leefegkeet

## Ofklärung Reeskrankheeten a Reesvirsuerg

**De Welpen kënnt aus engem Risikogebitt:**

Idealerweis 2 Bluttanalysen fir no verschiddene Parasiten, Viren a Bakterien ze sichen.

- 1. Analyse: nach am Hirkonftsland oder bei der 1. Ënnersichung beim Veterinaire
- 2. Analyse: 6 Méint no der Arees

**De Mupp soll mat an d'Vakanz an e Risikogebitt:**

Prophylaktesch:

- 1 Spot-on géint Ektoparasiten all Mount, soulaang den Openthalt am Risikogebitt dauert
- 1x pro Mount entwuermen, bis 2x nom Retour entwuermt ginn ass, dann neess all 3 Méint
- Am Beschte just erausgoen, wann et hell ass
- Evtl. Impfung géint Leishmaniose
- Zecken esou séier, wéi méiglech ofsammelen




## Nach Froen

Zéckt net Är Froen oder Äert Uleies wärend Ärem Rdv mat eis ze beschwätzen.

# Ee Welpe kënnt an d'Haus



## E puer Rotschléi an Informatioune vum Déierendokter

Cabinet VÉTÉRINAIRE Mersch